**Statement SNE**

Am Allgemenge muss ee soen, dass d'Schoul, a besonnesch d'Grondschoul, an eiser Zäit mat ganz villen Themen, déi gesellschaftsrelevant sinn, konfrontéiert gëtt. D'Schoul kann awer net alles maachen an der Zäit, déi hir zur Verfügung steet. All Groupe gesäit hiert Uleies als dat Allerwichtegst un, mee d'Schoul kann net all Sujet opgräifen.

Dat mussen d'Bildungspolitiker natierlech och bedenken. Den SNE/CGFP ass awer och der Meenung dass d'Schoul sech der gesellschaftlecher Realitéit net verschléisse kann an ass och der Meenung, dass esou Themen am Cours Vie et Société oder awer an de Sciencen duerchaus thematiséiert kënne ginn. Dat soll an eisen Aen natierlech op eng kandgerecht Manéier geschéien an och virun allem dann, wann eng Situatioun sech derzou ubitt (z.B. bei Froe vu Kanner).

Et ass fir den Enseignant net einfach dat Thema unzeschwätzen an dofir muss hien op didaktescht Material zeréck gräife kënnen, wat him vum MENJE zur Verfügung gestallt gëtt a wat vum MENJE approuvéiert ass. Och musst de Plan d'études konkret festhalen, dass een dat Thema an der Grondschoul (z.B. am Cycle 4) behandele kann. Nëmmen esou huet den Enseignant am Fall vun eventuelle Reklamatioune vun Elteren déi néideg Argumenter an de Réckhalt vun der Institutioun Schoul fir dat an der Klass kennen ze thematiséieren. Den SNE/CGFP ass sech bewosst, dass et sech ëm en heikelt Thema handelt. An der Gesellschaft, awer eventuell och ënnert den Enseignanten, gëtt et net onbedéngt eng Unanimitéit wann et ëm d'Fro geet, ob a wéi esou Theme solle behandelt ginn.

D'Heterogenitéit vun eiser Schoulpopulatioun (besonnesch am reliéisen a kulturelle Beräich) kann den Enseignant an eng desagreabel Situatioun bréngen, virun allem, wann et Eltere ginn, déi net wëllen, dass hir Kanner mat esou Theme konfrontéiert ginn. Virun esou Konflikter mussen d'Enseignante geschützt ginn. Dat kann nëmme sinn, wann si an engem reglementéierte Kader mat offizielle Richtlinnen agéieren.

Patrick Remakel

Syndicat National des Enseignants

**Statement Féduse**

D'Ëffentlech Schoul soll demokratesch Wäerter bei de Kanner stäerken an all Forme vun Integratioun ferderen.

Fir datt all Kand d'Méiglechkeet kréit, an e fräit a selbstbestëmmte Liewen eran ze wuessen, ass d'Schoul positiv neutral, d.h. si deckt all Liewensrealitéite, wëssenschaftlech fundéiert, an de Programmer of; och am Kontext mëschlech Sexualitéit.

Nëmmen Wëssen a Verstoen erméigleche Verständnis.

Natierlech sënn Inhalter och ëmmer dem Alter ugepasst, et gëtt keng Premièresmathé am 1. Schouljoer gemaach.

D'Alternativ zur pluralistescher Schoul, wier eng, wou déi eng Kanner, jee no Goût vun hirem Ëmfeld, vläicht de Passé composé an d'franséisch Revolutioun refuséieren, an anerer net däerfe mat schwamme goen oder näischt däerfe vun der Schwéierkraaft héieren, well hir Elteren net un déi gleewen.

Dat ka kee wëllen.

Raoul Scholtes

Féduse